N°2139
Entrée le 25.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.03.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 24. Mäerz 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„Virun engem Joer hat ech am Kader vun enger mëndlecher Interventioun am Plenum vun der Chamber nogefrot, wou d'Aarbechte fir d'Ausschaffung vun engem Deontologie-Kodex fir de kommunale Secteur dru sinn. Dëse kéint sech sech un de Modeller vun de Regierungsmemberen a Beamten an deem fir d'Deputéiert inspiréieren. Besonnesch am kommunale Secteur ginn all Dag Entscheedunge geholl a sinn d'Kontakter mat deenen ënnerschiddlechsten Acteure méi oder manner intensiv, virun allem um Niveau vun de Schäfferéit. Potentiell a reell Interessekonflikter sinn also reegelméisseg op der Dagesuerdnung a werfen etlech Froen ob.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wou sinn d'Gespréicher mam Syvicol betreffend een Deontologie-Kodex drun?
- Ass et méiglech een Tëschebilan aus dësen Diskussiounen ze zéien?
- Fir wéini ass d'Ëmsetzung vun esou engem Kodex geplangt? ”

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 2139 vum honorabelen Deputéierten André Bauler zum Sujet "Code déontologique pour le secteur communal".**

D'deontologesch Prinzippie fir déi lokal Gewielte sinn am Projet de loi n° 8052 definéiert ginn, deen am Juli 2022 an der Chamber deponéiert ginn ass.

Op Basis vum Avis vum Staatsrot den 12. November 2024, si mer am gaangen déi Amendementer ze preparéieren.

Fir d'Redaktioun vun den Amendementer, wäerte mer, wéi vum Staatsrot recommandéiert, eis op déi Reegelen baséieren , déi schonn bei der Regierung an der Chamber existéieren, an de Syvicol am Viraus nach eng kéier consultéieren.

D'Amendementer sollen nach dëst Joer deposéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden